

**Lëtzebuergesch als Friemsprooch  
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)**

**Héierverstoën**

**Oflaf**

**1. Deel**

Dir héiert Ecoutten an Dir beäntwert d'Froen op Ärem separaten Äntwertblat.

Am Froebou sinn:

- Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
- Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblat.

**2. Deel**

Dir lauschtert kleng phonetesche Aufgaben. Dir beäntwert d'Froen um Angabeblat. Et gëtt keen extrat Äntwertblat.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen. (keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

**Lëtzebuergesch als Friemsprooch  
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)**

**Liesverstoen**

**Oflaf**

Dir hutt 20 Minutten Zäit.

**1. Deel**

Liestexter, Angabeblatt mat de Froen + Äntwertblatt.

Am Froebou sinn:

- 1) Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
- 2) Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblatt.

**2. Deel**

1 Blatt mat verschiddene klengen Texter. Dir musst Text mat Text verbannen oder Text mat Foto.

Keen Äntwertblatt.

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir alles zesummen of.

**Lëtzebuergesch als Friemsprooch  
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)**

**Mëndlechen Ausdrock**

**Oflaf**

Den Examen dauert ongeféier 10 Minutten.

**1. Deel**

Dir kritt 2 Theme proposéiert a wielt eent aus. Duerno féieren d'Préiwer e Gespréich mat lech iwwert dat Thema, wat Dir gewielt hutt.

**2. Deel**

Dir kritt 2 Biller proposéiert a wielt eent dovun aus. Duerno beschreift Dir d'Situatioun an d'Leit, déi Dir op dem Bild gesitt. Wat gesitt Dir? Wat ass d'Thema? Wat maachen d'Leit? Wéi gesit si aus? Wou si si?

Schwätzt och iwwert lech! Kennt Dir dat? Macht Dir dat och?

## Lëtzebuergesch als Friemsprooch Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)

### Schrëftlechen Ausdrock

#### Oflaf

Dir kritt een Thema. Dacks ass d'Consigne als E-Mail formuléiert, wourop Dir elo äntwere sollt. Gebraucht 60-80 Wierder. Dir hutt **30 Minutten** Zäit. Dir dierft deen Ament Ären Text op engem Blat virbereeden, awer Är definitiv Versioun musst Dir op d'Prüfungsblat schreiwen. Béid Blieder gi selbstverständlech vum INLL gestallt.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen. (keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of. Och d'Virbereedungsblat.